F.L.P.S.

Section de compétiton

CCRA IBAN LU11 0090 0000 2116 2003 CCPL IBAN LU89 1111 0229 3341 0000

P A R T E N A I R E O F F I C I E L

Fishing World

Ausscheedungsfëschen fir national Meeschterschaft 2018

Moien alleguer,

Well sech dëst Joer vill nei Fëscher ugemellt hunn, kënnt et dann dëst Joer fir déi éischte Kéier zu engem Ausscheedungsfëschen fir Teilnahm un der nationaler Meeschterschaft an der I Divisioun. Dëst Fëschen wat an 2 Manchen ausgedroen gëtt fënnt statt den Weekend vum 10 an 11 Mäerz 2018.
Gefëscht gëtt zu Cattenom um Parcours an den Hecken also an sech den Secteur A vun der Streck wou och 2 Wochen méi spéit déi I Divisioun ausgedroen gëtt. Stänn sinn mat rouden Punkten ob der Leitplank gekennzeechent. Am Beschten sech ob die éischt 9 Punkten ausriichten. Laut Reglement däerf nach bis 2 Deeg, also Mëttwochs nach mat trainéiert ginn. Och däerf keen aneren Fëscher vun der nationaler Meeschterschaft sech ob des Streck dann setzen an trainéieren.
Reglement kritt der vun eisem Sekretär dem Pit nach zougeschéckt resp. gemailt. Dier fannt et och um Site vum Fescherclub Kirchbierg ënner “Section de Cmpétition.”
Auerzäit ass fir gesinn fir ze fëschen vun 11.00 bis 15.00 Auer. Rendez-vous ass den éischten Dag um 08.00 Auer fir den Tirage. Sonndes dann eng hallef Stonn méi spéit.
Wéi gesot, 9 Teilnehmer huelen un dëser Ausscheedung deel, déi éischt 4 qualifizéieren sech dann fir d’ Meeschterschaft vun der I Divisioun.
Folgend Fëscher hunn sech ageschriwwen:

Robert Kosch, Michel Burais, Pascal Wampach, Romain Koenig, Claude Schmitz, Pol Hari Christian Pierre, Gil Michael, Jeannot Lacour an Dan Streveler.

Den Comité vun der “Section de Compétition” wënscht all Deelhueler bonne Chance.